# Bronchiolitis:
# Wichteg Informatioune fir Eltere vu Kanner ënner 2 Joer

Méi Infoen op:


sante.lu/bronchiolite

LU

## Wat ass Bronchiolitis a wien ass betraff?




Bronchiolitis ass eng **viral Infektioun vun den Otemweeër** *(besonnesch vum RSV-Virus verursaacht)* déi ganz heefeg ass **bei Puppelcher ënner zwee Joer**. Dës trëtt haaptsächlech an de Wanterméint op. Si verursaacht eng Entzündung vun den Otemweeër: Nues, Hals a Bronchien. Bei klenge Kanner a Puppelcher sinn d'Bronchien kleng a si méi séier blockéiert, wat zu Schwieregkeeten beim Ootmen vum Kand féiere kann.



## Wéi gëtt de Virus iwwerdroen?

De Virus gëtt vun enger Persoun op déi aner duerch Spaut, Houschten an Néitschen iwwerdroen. De Virus kann op Hänn an Objeten hafte bleiwen *(wéi Spillsaachen, Petzien, a Suckelen)*.

## Wat sinn d'Warnzeechen?

**Sieft besonnesch opmierksam, wann Äert Kand manner wéi sechs Wochen al ass oder e virzäiteg gebuerene Puppelche war a manner wéi dräi Méint al ass.**

- De Puppelchen otemt séier an d'Ootembeweegunge sinn opfälleg *(de Bauch schwëllt an d'Rëpper triede bei all Otem ervir)*, heiansdo päift d'Kand beim ootmen.
- Et hält op ze suckelen oder ze drénken, well et ze midd ass.
- D'Kand déi ganzen Zäit schléift, obwuel et haart a schwéier otemt.



**Äert Kand huet een oder méi Symptomer? Gitt direkt mat Ärem Puppelchen an d'Kannerklinik!**

## Wéi eng präventiv Moossname solle getraff ginn?

- Hänn wäschen.
- Spillsaachen a Petzien wäschen.
- Spillsaachen a Fläschen net deelen.
- Kand net virun 3 Méint an eng Crèche ginn.
- Schlofkummer lëften.
- Net bei ärem Kand fëmmen.
- Äert Kand wa méiglech op d'mannst 6 Méint laang nieren.
- Kontakter limitéieren.
- Anerer froen eng Mask ze droen, wa se bannent 2 Meter vum Puppelche sinn.
- Eng Mask droen, wann Dir eng Erkältung hutt.

**Helpline Santé: +352 247-65533**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la santé